DAG VUN DER "ECONOMIE CIRCULAIRE"

# Thema: Wéi eng Roll kann d'ëffentlech Hand um Gemengenniveau spillen?

Zilgrupp: politesch an technesch Verantwortlech vun den Gemengen, an aner lokal a regional ëffentlech Acteuren

Datum: **Freides, den 2. Juli 2021** vun 14h00 bis 16h30

Wou: Online-Konferenz

Programm:

## 1 I Begréissung vum Schäfferot vun der Gemeng Wooltz

**Frank Arndt,** Buergermeeschter
**Pierre Koppes**, Schäffen

---

## 2 I Den nationale Kader fir d'Kreeslafwirtschaft

- **De Klimapakt 2.0 mat sengem Volet Economie circulaire fir Gemengen.**
- **Déi national Strategie Kreeslafwirtschaft Lëtzebuerg.**

Ufanks Februar 2021 ass déi national Strategie Kreeslafwirtschaft vu 4 Ministèren presentéiert ginn, eng Handwierkskëscht fir ëffentlech a privat Acteuren fir d'Kreeslafwirtschaft zu Lëtzebuerg ëmzeseten. Fir d'Gemengen sinn den neie Klimapakt 2.0 an dat rezent Klimagesetz wichteg Instrumenter, fir konkret Aktiounen um Terrain ze realiséieren an hir Biergerinnen a Bierger mat an d'Kreeslafwirtschaft anzebannen.

**Carole Dieschbourg,**
Ministesch fir Ëmwelt,
Klima an nohalteg Entwécklung



**Paul Schosseler,**
Ministère fir Energie an Landesplanung,
Direktioun vum nohaltege Bauen an der Economie circulaire



---

# 3 I 4 thematesch Modulen

### Eng Gemeng ënnerwee an d'Economie circulaire

Um Beispill vun der Gemeng Wooltz gëtt erklärt, wéi ee sech déi eenzel Etappe vum Prozess virstelle kann. Wat sinn d'Viraussetzungen, wat waren a sinn d'Erausfuerderungen, an u wat fir engen Léisungen schafft Wooltz? D'Aarbechtsmethod an Outilen an der Entwécklung ginn vun der Gemeng presentéiert.



**Pierre Koppes,**
Schäffe
vun der Gemeng Wooltz

---

### Guide éco-urbanisme

En neit landesplanerescht Instrument mat virbildlechen Initiativen a konkret Iddie fir eng qualitativ an nohalteg Stadplanung ze erméiglechen a fir d'Liewensqualitéit vun allen Awunner an de Quartieren ze steigeren. Zirkulär Baue garantéiert positiv Effeten fir d'Ziler vun der Klimaneutralitéit ze erreechen, eng aktiv Mobilitéit ze promovéieren an d'gesellschaftlecht Zesummeliewen ze verstäerken.



**Marie-Josée Vidal,**
Ministère fir Energie a Landesplanung, Conseiller de Gouvernement 1ère classe

---

### Virdeeler, Erausfuerderungen an Instrumenter fir gesond ze bauen

Net eréischt säit der Niddregenergie-Bauweis si chemesch Schuedstoffer, Elektrosmog oder Schimmelpilz an de Gebaier en Thema. Doriwwer eraus kënne Baumaterialien och zu engem positive Raumklima bäidroen. Den Ministère de l'Energie stellt Erfahrungwäerter vu gesonde Bauprojeten an Instrumenter vir, déi et erlabe sollen an Zukunft gesond ze bauen.



**Ralph Baden,**
Ministère fir Energie a Landesplanung, Direktioun vum nohaltege Bauen an der Economie circulaire

---

### Pilotprojet ZAE "Op Herbett"

Planeresch Virgabe fir eng konkret Ëmsetzung vun der Economie circulaire an enger Zone d'activités. Wéi kann ee matt planeresche Virgaben um Niveau PAG a PAP an am enken Austausch matt Terrainsbesëtzer an interesséierte Betrieber d'Iddiën vun der Economie circulaire konkret um Terrain ëmsetzen.



**Guy Spanier,**
Gemeng Schëffléng, Conseiller climat et écologique, Chef de service

# 4 I Table ronde

Moderator: **Bob Wetzel**, City-Management Wooltz

### Animéiert Diskussioun mat Schlëssel-Acteuren am Beräich vun der Economie circulaire

Erausfuerderungen, Verantwortungen a Méiglechkeete fir lokal a regional Acteuren



**Claude Turmes**,
Minister fir Energie
a Landesplanung



**Romain Poulles**,
President
vum Nohaltegkeetsrot



**Pierre Koppes**,
Schäffe vun der
Hotspot-Gemeng



©SYVICOL/Sophie Margue

**Emile Eicher**,
President
vum Syvicol